PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 06/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Eng Réi Gemenge wéi Ettelbréck, Schëffleng oder Monnerech hunn Reglementer geholl, déi d'Staatsstroosse betreffen. Dës Reglementer gëlle méi wéi 72 Stonne, also méi wéi et soss am Kader vun engem Gemengereglement de Fall ass, wat d'Staatsstroosse matbetrëfft.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister de genannte Gemengen hir Reglementer acceptéiert?
2. Am Fall wou d'Äntwert op déi éischt Fro nee ass, kënnen d'Gemenge via Policereglement Decisioune par Rapport zu Staatsstroossen huelen ouni den Accord vum Ministère fir ëffentlech Aarbechten?
   - Wa jo, wéi laang sinn dës gülteg?
   - Wa nee, wäert de Minister bei de betraffene Gemengen intervenéieren?
3. Wat fir eng Influenz huet eng Absence vun enger Approbatioun vum Minister op dës Gemengereglementer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten